# Info - Blat

No 28
Juli 2019

1933 – 2008
75 Joer Amicale

Amicale des Anciens Elèves de l'Institut et du Lycée Technique Privé Emile Metz asbl

www.amicale-ltpem.lu
amicale@amicale-ltpem.lu


Éier d'Vakanzperiod ufänkt, ass et, esou wéi an deene leschte Joren, iech eis Aktivitéiten an deene 6 leschte Méint vum Joer matzedeelen.

## 17. Januar 2019 – Generalversammlung am Restaurant Scolaire.

Esou wéi dat lescht Joer haten och dëst Joer 38 Memberen den Owend fir d'Amicale reservéiert. Méi jonk Gesichter sinn ëmmer erëm dobäi wat eis besonnesch freet.

Dës weideren konnte mir den Här Theo Thill, Schouldirekter, Mme Martine Berchem, Directrice-adjointe, den Här René Tissier, Éierendirekter, Mme Nadine Du Bois, Vertriederin vun der Elterevereenegung, Här Champagne Fernand, Vertrieder vun de Scouten an den Här Haeck Claude, Vertrieder vun dem Comité Culturel begréissen.





Den offiziellen Ordre du Jour ass ouni Problem ofgelaf. Duerno, esou wéi an deene leschte Joren, souze mir beim Buffet froid an engem gudde wäissen a roude Wäin, Dessert a Kaffi nach e puer Stonnen zesummen. Dem « Schoulkach » Fabrice a senger Équipe, déi de genëssegen Buffet preparéiert hunn, soe mir Merci.

Am Comité huet de Weber Jules demissionéiert, neie Comitésmember ass de Eric Weber.

De Comité besteet aus dëse Memenberen :

Jean-Pierre Unsen - Éirepresident a Member; Alphonse Bressanutti - President a Secrétaire; Jean Biever - Vizepresident; Nicolas Laux - Tresorier; Roger Thill - Adressefichier an Homepage / Trésorier adjoint; Tessy Costantini; Siggy Kirsch; Jean-Jaques Kohn, Edmond Krier, Ley Luc, Dan Scheid, Marco Streff, Weber Eric.

## 23. Mäerz 2019 – Kleng Porte Ouverte.

De Crémant hat och dëst Joer de néidegen Succès. Déi eeler Schülerinnen a Schüler sinn ëmmer nees verwonnert iwwert déi vill Changementer an der Schoul.

## 11. Mee 2019 – Grouss Porte Ouverte.



Obschonn d'Wieder dëst Joer miserabel war, hate sech 220 Persounen fir d'Visite guidée interesséiert.

Mir hunn eis traditionell Eisekuche trotzdeem mat vill Léift a Kënnen gebak. De Succès war domat garantéiert. Um 15:30 h war all eisen Deeg verbak.

## 29. Juni 2019 Visitt vum Musée Henri Tudor zu Rouspert.




Obschonn den Dag den Thermometer Temperaturen em déi 32 °C ugewisen huet, ware mir zu 14 bei dëser Visitt dobäi. Eise Guide, de Peters Jos, fréiere Schüler aus dem Institut a Member vun der Amicale, huet eis iwwert d'Famill Tudor informéiert. Wéi goung dat, datt dem Henri Tudor seng Virfaren aus Wales op Rouspert koumen?

En Deel vum Schlass, wat haut d'Gemengebüroe sinn, konnte mir besichen.

An der Ausstellung hu mir dEvolutioun un den Akkuen erkläert kritt, wéi den Henri Tudor op Aarbechten vu Virgänger säi brauchbaren Akku entwéckelt huet. Bemierkenswäert ass ze soen, datt seng Akkuen am Zeppelin an, an den däitschen U-Booter am 1. Weltkrich agebaut waren.

Déi 1.Uertschaft am Land mat enger Stroossebeliichtung war 1886 Iechternach an domat eng vun deenen éischten Uertschaften weltwäit.






Eng grouss Sozialoder hat den Henri Tudor. Seng Aarbechter, déi vill mat Bläi am Kontakt waren, hu missen bei der Aarbecht Masken droen. Emol pro Woch kruten si hiert Schaffgezei gewäsch. Fir Niklosdag hunn d'Kanner am Duerf eng gutt gefëllten Tut kritt.

1902 fiert den Henri Tudor mat senger Famill an engem Elektroauto de selbstverständlech mat Tudor Akkuen gedriwwe gouf.

Den Henri Tudor ass den 31. Mee 1928 am Alter vu 69 un enger Bläivergëftung gestuerwen. D'Familljegraf ass zu Rouspert.

Eng interessant Visitt mat villen Facetten wéi, Famill, Recherche, Aarbecht, Sozial Firmegrënnung.

All dës interessant Detailer konnt eise Guide eis mat vill Kënnen a Wëssen vermëttelen.

Déi nächst Visitt ass den 12. Oktober 2019 am War Museum zu Bastogne.

Detailer krit Dir mat Zäiten zougeschéckt

# IN MEMORIAM

## Madame Edmée Metz-Tesch *



Madame Edmée Tesch est née en 1845 et décédée en avril 1919. Son père, Victor Tesch (1812 -1892), industriel et ministre belge de la Justice, s'était allié à divers maîtres de forges pour créer des sociétés métallurgiques comme celles dont naîtra l'ARBED. Ce faisant, il s'était associé à Emmanuel Servais, chef du gouvernement luxembourgeois, et à Charles Metz, sidérurgiste et président de la Chambre des députés. Victor Tesch a siégé dans maints Conseils d'administration de sociétés diverses, charbonnages, immobilières, chemins de fer, métallurgies et banques.

De l'union de Victor Tesch avec sa cousine Caroline Amélie Nothomb naîtront Caroline Rosalie Laure Edmée et ses deux sœurs Léonie Mina qui épousera Léon Barbanson, gouverneur de la Société Générale, et Cécile Henriette, future épouse d'Hubert Muller, maître de forges d'Esch. En 1911, les trois beaux-fils de Victor Tesch ont fait partie des fondateurs de l'ARBED, dont le premier président a été Gaston Barbanson.


Emile Metz mourut le 13 février 1904, des suite d'une opération à laquelle il s'était soumis à Heidelberg. La levée du corps qui se fit au château de Beggen le 16 février, suscita une affluence considérable, et y prirent part le grand-duc héritier et des représentants du gouvernement. Le corps fut inhumé au caveau de la famille au cimetière de Weimerskirch.

Au cours des années suivantes, Madame Metz conçut l'idée de créer en mémoire de son mari une institution en faveur de la classe ouvrière. Quand un jour, le directeur de l'usine de Dommeldange, Emile Bian, lui suggéra de créer une école d'apprentis, elle se trouvait fortifiée dans son idée bien qu'elle entendît faire mieux qu'une école conventionnelle. Elle en venait à concevoir un véritable institut technologique. La donatrice mit des sommes importantes à la disposition et le 20 octobre 1913, la première pierre du futur Institut Emile Metz fut posée.

L’esprit du programme conçu par Mme Tesch se trouve encore de nos jours, *mutatis mutandis*, (nach Anpassung an die neuen Umstände) dans les cursus du Lycée.

*Auszuch aus: Histoire de la Fondation Veuve Emile Metz-Tesch,
Partie 1 Madame Edmée Metz-Tesch,
am Buch 100 Joer IEM-LTPEM 1914-2014
Autor Jean Lamesch, Docteur en Chimie - Physique,

## Jos Steichen



De 4. Abrëll 2019 huet de Jos Steichen eis am Alter vun 94 verlooss. De Jos war den eelsten an den, den am längsten Member vun der Amicale war. Am September 1939 huet hien seng Léier als Schlesser am Institut ugefaang. D’Gesellеprüfung ass am Januar 1946. Wéi dat?

Den 30. August 1942 huet de Gauleiter Simon Zwangsrekrutéierung vun de Lëtzebuerger Jongen proklaméiert. Den 31. August ass am ganze Land e Generalstreik ausgebrach. Och de Jos, nach keng 18 Joer, huet sech aktiv um Streik bedeelegt. Beim Eecher Spidol huet hien d’Aarbechter vun der Fréischicht motivéiert fir ze streiken. Esou koum et, dass de Jos den 1. September am Schoulhaff vun der Gestapo, mat hëllef vun der Hitlerjugend,verhaft gouf. Do goung der Wee an d’Villa Pauly, an de Gronn an de Prisong, duerno Jugenderziehungslager, Arbeitsdienst, Dienst in der Wehrmacht. Sengem jonken Alter ass et verdanken dat hien dem Doudesuerteel entgaangen ass. Am Juni 1943 koum hie un Front a Russland. No schwéiere Kämpf ass hien mat engem anere Lëtzebuerger zu de Russen iwwergelaf. Elo ass dem Jos säi Kräizwee eréischt richteg ugaangen. Mat Transporter a Foussmärsch vun 10 km, a souguer vun 200 km, ass hien mat anere Gefaangenen zu Tambow ukomm. Dës batter Zäit huet de Jos iwwert eng Rei Joren de Schüler aus „senger Schoul“ erzielt. Wann hien de Saz sot „Ech sinn am Schoulhaff verhaft ginn, ech hat ären Alter“ eng Spéngel hätt een am Sall héiere falen.


De Jos war all déi Joren um Liewen am Institut interesséiert. Vun elo un, kuckt hien vun do Uewen wéi et am Institut weider geet.

Ee Liewenssaz deen de Jos, net nëmmen de Schüler mee och den Erwuessenen, mat ginn huet war: *"Erënnerungen bleiwen, verzeien kann een, awer vergiesse kann een esou eppes ni."*

Fir däi Beispill soe mir Dir, Jos, Merci.

Mir wäerten dech ëmmer a beschter Erënnerung behalen.

## Marcel Ney




De 26.Mee 2019 ass den Här Marcel Ney am Alter vu 84 Joer gestuerwen.

Den Här Ney war e laangjäregen Member a Comitésmember vun eiser Amicale.

Mir wäerten de Marcel Ney a beschter Erënnerung behalen.

## Albert Bonifas



Directeur du LTPEM
1988 - 2001

De 15 Juni 2019 ass den Éierendirekter aus dem LTPEM, den Här Albert Bonifas, am Alter vun 82 Joer verscheet.

Den Här Bonifas, en Elektro-Ingenieur vun der ETH Zürich war vun 1988 bis 2001 Direkter am LTPEM. Do virdrun war hien als Ingenieur bei der ARBED agestallt.

An der Pensioun war den Här Bonifas ëmmer erëm interesséiert, wéi et am Institut wieder géing.

Bei der Amicale war hien esou gutt, bei de Generalversammlungen wéi och bei de Visitten, gären dobäi. War hien emol verhënnert oder war hien a Spunien, huet den Telefon geschellt an den Här Bonifas huet sech entschëllegt dat hien net konnt dobäi sinn.

Mir wäerten den Här Bonifas als frëndlechen Amicals-Member a beschter Erënnerung behalen.

